

COMMUNIQUÉ DE PRESSE

D'Diskussiounen tëschent der FAPSYLUX asbl an der CNS ëm de Remboursement vun der ambulanter Psychotherapie si säit 2018 déi selwecht. Jorelaang huet d'FAPSYLUX asbl fir den Interessi vun de Patienten an de Beruff vum Psychotherapeut gekämpft. An dëse siwe Joren ass vun der CNS probéiert ginn, de Patienten den Zougang zum ambulanten Psychotherapeut an hiert Recht op eng Psychotherapie ze begrenzen an d'Psychotherapeute vun hirer Autonomie, souguer Deontologie ze privéieren – wéi sech elo erausstellt aus Budgetsgrënn* a virun allem aus der Suerg eraus, Lëtzebuerg géif vun auslänneschen Psychotherapeuten iwwerschwemmt an esou de Budget gesprengt ginn.

No enger éischter Mediation 2018 an nom Règlement Grand-Ducal vum 12. Februar 2021 waren déi offiziell Verhandlungen tëschent der FAPSYLUX asbl an der CNS ofgeschloss. Dat Règlement sollt eng Konvention ersetzen. Vu dass et als Kader immens basesch ass, ass weider inoffiziell iwwert eng detailléiert Konvention diskutéiert ginn.

Den Tarif ass vun der FAPSYLUX asbl säit 2021 ugeschwat ginn, well et e psychotherapeuteschen Akt an der Nomenclature vun den Dokteren scho gouf, fir deen d'CNS ca. 180 Euro bezuelt huet. D'CNS huet déi Diskussiounen awer ëmmer erëm ofgeblockt, well laut hinnen den Tarif an der Commission de Nomenclature géif beschwat ginn. Mëttlerweil ass deen Akt ofgeschafft, respektiv ëmbenannt an de Psychiateren hir Tariffer leien tëschent 217,40€ an 326,20€ fir eng Seance.

Am August 2022 huet d'FAPSYLUX asbl dunn onofhängeg vun der CNS eng Demande bei der Commission de Nomenclature agereecht.

Doropshin gouf am September 2022 vun der CNS unilateralement den Echec vun de Verhandlungen ausgeschwat an et gouf iwwert d'Inspection Générale de la Sécurité Sociale (IGSS) eng Mediation ordonnéiert. Fir d'FAPSYLUX asbl war dëst net novollzéibar, virun allem well dat ugepeiltent Mediationsthema «lettre-clé» an de Verhandlungen ni erwähnt gouf.

Trotz engem inapplicablen Gesetzesparagraph stoung d'Federatioun enger weiderer Mediation awer net am Wee an huet immens entgéint kommend Kompromësser proposéiert. Am Interêt vun de Patienten, déi säit Joren op eng Ënnerstëtzung waarden, wär d'FAPSYLUX asbl bereet gewiescht während dem Pilotprojet, deen Tarif ze akzeptéieren, dee vum Office National de l'Enfance fir eng Psychotherapie bezuelt gëtt (154,69€). Leider ass d'CNS stuer bei hirem inakzeptablen Tarif bliwwen, soudass och dës Mediation mat engem Echec op en Enn geet.

D'Konsequenz vun dësem Echec ass dass d'Politik denkt, si hätt fräi Hand, fir elo de Kader an och de Präis vun enger ambulanter Psychotherapie eegestänneg festzeleeën. D'Federatioun vun de Psychotherapeute distanzéiert sech kloer vun den unilateralen Decisiounen iwwert hire Beruffsstand a bleift weiderhin op der Positioun, dass eng Seance Psychotherapie minimum 175 Euro wäert ass an all Persoun zu Lëtzebuerg, egal wéi en Alter oder wéi eng Pathologie, direkten Zougang zu enger rembourséierter Psychotherapie an d'fräi Wiel vum hei zu Lëtzebuerg unerkannte Psychotherapeut huet.

D'FAPSYLUX asbl ass sech bewusst dass e limitéierte Budget fir eise Beruffsstand der CNS kuerzfristeg sécherlech zevirkënn, laangfristeg wieren awer fundamental Suitten wéi eng Penurie vun ambulanten Psychotherapeuten an eng weider Hausse vu Leit mat chronifizéierten psycheschen Erkrankungen déi an deem Fall net kënne suivéiert ginn, vu dass d'Demande zum häutegen Datum scho méi héisch ass wéi d'Offer.

*laut Projet géifen 2023 just 0,8% vum Budget total vun der CNS an d'ambulant liberal Psychotherapie investéiert ginn, obwuel déi meescht Krankeschäiner zu Lëtzebuerg op psychesch Krankheeten zrëckzeféiere sinn